

N° 7231²

CHAMBRE DES DEPUTES

Session ordinaire 2017-2018

PROJET DE LOI**relatif à la promotion de la langue luxembourgeoise et portant modification**

1. de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'Etat;
2. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat;
3. de la loi du xx.xx.20xx concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2018 et
4. de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'Etat

* * *

AVIS DU CONSEIL FIR D'LETZEBUERGER SPROOCH

(26.2.2018)

De Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch (CPLL – Conseil permanent de la langue luxembourgeoise) begréisst ausdrécklech, datt e Gesetz kënn fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch, nodeems d'Sproochegesetz vun 1984 d'Lëtzebuergesch als Nationalsprooch definéiert huet.

De CPLL huet ëmmer erëm drop insistéiert, wéi wichteg et ass, datt de Statut vun der Lëtzebuenger Sprooch domadder gestärkt gëtt, datt se als Nationalsprooch an eis Constitutioun stoe kënn an datt se e Statut an der Europäescher Unioun kritt.

Et geet awer net duer domat. Zolidd sproochepolitesch Efforte sinn néideg, soss riskéiert d'Lëtzebuergesch zu enger Minoritéitesprooch hei am Land ze ginn. Et ass net an der Rei, datt d'Bierger den Androck kréien, d'Lëtzebuenger Sprooch wier eng Niewesächlechkeet. Grad och d'Mammesproochler an déi, déi sech eng héich Kompetenz am Lëtzebuergesch erschafft hunn, géife gär méi iwwert d'Lëtzebuenger Sprooch gewuer ginn, esou ewéi si dat an der Schoul fir Däitsch a Franséisch geléiert hunn.

Lëtzebuergesch ass zu enger wichtiger Sprooch ginn, wat den Zougank als vollwäertige Bierger an eis Gesellschaft ugeet. Dat gëtt ënnert villem aneren doduerch däitlech, datt all Debatten an der Chamber op Lëtzebuergesch geféiert a publizéiert ginn. Et ass dofir néideg, alle Bierger am Land d'Méiglechkeet ze ginn, d'Lëtzebuenger Sprooch ze léieren.

De CPLL insistéiert drop, datt nieft deene ville Coursen och dat informellt Léieren duerch den deeglechen Austausch tëschen de Bierger mat hire verschiddene Sproochkenntnisser gefërdert gëtt.

De CPLL huet am Kontext vun deem Gesetzprojet zwou Suergen:

- Et ass e Kadargesetz, an deem knapps konkret Mesurë fir d'Lëtzebuenger Sprooch explizit ernimmt sinn.

De CPLL ënnersträicht, datt dee Plan d'action muss op déi Mesuren agoen, déi am Strategiepabeier vun der Regierung vum Mäerz 2017 dra stinn. Dee Plan d'action muss da mam konkreten Zäitplang fir d'Ëmsetze vun der Regierung ugeholl ginn an un déi zoustanneg Verwaltungen an aner Instanze goen.

- De Gesetzprojet beschreift eng Rei nei Gremien.

Et besteet do d'Gefor, datt et zu Iwwerschneidunge bei den Zoustännegkeete kéint kommen. Dat ass virun allem de Fall, wat d'Section de linguistique, d'ethnologie et d'onomastique vum Institut grand-ducal engersäits, de CPLL anersäits an och d'Universitéit am Kontext vun der Recherche betrëfft. De CPLL wënscht sech do méi Kloeerheet duerch déi legislativ Texter.

Fir de Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch,
Marc BARTHELEMY
President